N°4179
Entrée le 20.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn an der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°4179 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer Genitalverstümmlung.**

1. *Kann d'Regierung ausschléissen, dass et zu esou illegalen Aktiounen an de Flüchtlingsfoyere ka kommen?*

D'Ënnerkonftsstrukture vum Office national de l'accueil (ONA) gi vu Sécherheetsagenten iwwerwaacht. Hir Aufgab ass et, fir d'Sécherheet vun den hébergeierte Persounen ze suergen an den Zou- an Austrëtt vun de Persounen an de Strukturen ze kontrolléieren.

Den ONA leet besonnesche Wäert op d'Präventioun vu weiblecher Genitalverstümmelung. Zu dësem Zweck ginn och verschidde Sensibiliséierungs-, Präventiouns- a Fréierkennungsmoossnamen ëmgesat, souwuel fir d'Awunner wéi och fir d'Fachleit, déi an den Ënnerkonftsstrukture schaffen.

D'Zil ass et, all Risikosituatioun esou fréi wéi méiglech z'erkennen an déi passend Moossnamen ze huelen, fir déi betraffe Persounen am Aklang mam gültege gesetzleche Kader zu Lëtzebuerg ze schützen. Den ONA setzt dofir all néideg Mëttelen an, fir esou Praktiken ze verhënneren an de Schutz vu potenziellen Affer ze garantéieren.

2. *Ginn d'Kanner an de Flüchtlingsfoyere medezinesch begleet a reegelméisseg kontrolléiert? Wéi ginn d'Elteren hei encouragéiert, fir reegelméisseg pediatresch Kontrollen anzehalen?*

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt all d'Kanner vu Persounen, déi eng Demande de protection internationale (DPI) gestallt hunn, dee selwechten Zougang zur Gesondheetsversuergung hunn wéi all aner Kanner, déi zu Lëtzebuerg wunnen. Vun Gebuert u kréien si eng reegelméisseg pediatresch Betreiung.

Doriwwer eraus schafft den ONA enk mat der Associatioun „Initiativ Liewensufank" zesummen, déi Elteren an den éischte Liewensméint vun hirem Puppelchen begleet an si an hirer Eltereroll ënnerstëtzt.

Déi sozio-edukativ Ekippe informéieren a sensibiliséieren d'Elteren iwwer d'Wichtegkeet vum medezinesche Suivi vun hire Kanner, besonnesch wat déi reegelméisseg Consultatioune beim Kannerdokter an d'Anhale vun den Impfungen ugeet. D'Eltere ginn vun den Encadrementsekippen encouragéiert, d'medezinesch Terminer vun hire Kanner anzehalen.

D'Kanner profitéieren och vun de medezineschen Ënnersichungen, déi vum Service de médecine scolaire an der Schoul organiséiert ginn. No dësen Ënnersichunge kann et sin dass e Formulaire vum Kannerdokter verlaangt get falls Aspekter festgestallt goufen, déi en zousätzlechen medezinesche Suivi erfuerderen. Dobäi kann et sech beispillsweis ëm e Verdacht op Ënnerernierung, d'Noutwendegkeet vun enger Consultatioun beim Aendokter oder d'Feststellung vun engem Häerzgeräisch handelen.

Dëse System ass e wichtegt Instrument, fir d'Kontinuitéit vun der medezinescher Betreiung vun de Kanner sécherzestellen an d'Respektéiere vun de reegelméissege Consultatioune beim Kannerdokter ze fërderen.

De „Service de santé des migrants" vun der Gesondheetsdirektioun gesäit all Kand dat am Kader vun enger „*demande de protection internationale*" oder enger „*demande de protection temporaire*" zu Lëtzebuerg ukënnt, an enger éischter Consultatioun "primo-accueil". Dës éischt Consultatioun gëtt an engem maximalen Délai vun 30 Deeg realiséiert.

Wärend dëser Consultatioun gëtt eng Risiko Aschätzung gemaach (Hierkonftsland, Virgeschicht vu Genitalverstümmlung an der Famill, asw.) an d'Kand gëtt klinesch ënnersicht.

No dëser Consultatioun ginn d'Kanner bei ee Pediater orientéiert, deen dann de Suivi assuréiert.

An den éischten 3 Méint, bevir d'Kanner bei der CNS affiliéiert sinn, gesäit de „Service de santé des migrants" vun der Gesondheetsdirektioun d'Kanner reegelméisseg wéinst "pathologies courantes".

Gesondheetsdirektioun collaboréiert mat de socio-educativen Ekippe vun den Heemer wann ee Besoin besteet.

3. *Wéi solle Flüchtlingen an de Foyeren sech uleeën an u wie sollen si sech wenden, wann si vun illegalen Aktiounen an de Flüchtlingsstrukturen matkréien a wéi ass de Schutz vun esou Whistleblower garantéiert?*

DPIen hunn d'Méiglechkeet, all illegal Handlung, dorënner och weiblech Genitalverstümmelung, bei der sozio-edukativer Equipe vun hirer Struktur, beim ONA oder bei der Police ze mellen. Den ONA suergt dofir, datt esou Meldunge mat der gréisster Vertraulechkeet behandelt ginn, a setzt déi passend Moossnamen ëm, fir déi betraffe Persounen ze schützen an all Risiko vu Repressalien esou wäit wéi méiglech ze limitéieren.

Et soll och drun erënnert ginn, datt d'Sozialaarbechter dem Beruffsgeheimnis ënnerleien, wéi et am Artikel 458 vum Code pénal virgesinn ass. Dëse gesetzleche Kader ass eng wichteg Garantie fir Persounen, déi sech hinnen uvertrauen. Wärend den individuellen Gespréicher erkläre d'Sozialaarbechter dës Garantien, fir Vertrauen ze schafen. Sie encouragéieren déi hébergeiert Persounen dozou sech fräi an ouni Angscht auszedrécken an problematesch Situatiounen ze mellen, sief et am Zesummenhang mat weiblecher Genitalverstümmelung, anere Forme vu Gewalt oder all aner Situatioun, déi eng Begleedung oder e Schutz erfuerdert.

Wann eng Persoun, déi eng Meldung gemaach huet, der Meenung ass, datt hir Sécherheet oder hiert Wuelbefannen an der Ënnerkonftsstruktur duerch dës Demarche a Gefor kéint geroden, evaluéiert den ONA d'Situatioun a kann, wann néideg, ugepasste Schutzmoossnamen ëmsetzen, wéi zum Beispill d'Ënnerbréngung vun där Persoun an enger anerer Struktur.

*4. Wéi vill Fäll vu Genitalverstümmlung goufen et an deene leschten 10 Joer hei am Land?*

Weder den ONA, nach de Familljen- oder de Santésministère hunn heizou offiziell Donnéeën.

Déi éischt national Etüd fir d'Prevalenz vun der weiblecher Genitalverstümmelung an d'Unzuel u potenziell concernéierte Persounen zu Lëtzebuerg anzeschätzen, gouf den 21. Abrëll 2026 vun der Unicef[1] publizéiert, op déi op dëser Plaz verwise sief.

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn

[1]« *Mutilations génitales féminines au Luxembourg. Estimation de la prévalence, constats et recommandations* », Unicef (2026) : https://www.unicef.lu/site-root/wp-content/uploads/2026/04/2026_01_rapport_MGF_A4_v7.pdf